# BIGS Infoblat N°6/2020

Dezember

Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl www.bigslu.net bigs@pt.lu CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000




**Vun November bis Dezember 2020 hu schonn 140 Pätteren a Giedelen hier Solidaritéit mam Bësch gewisen. Wéi dir iech un der Aktioun «Pätter oder Giedel fir e Bam» kennt bedeelegen gesidd der op Säit 3 a 4. Do steet och d'Lëscht mat de Nimm. Photo: Val Wagner**

---

*Léif Memberen, léif SympathisantInnen, léif Frënn,*

*Am Numm vun der BIGS soen ech iech e grousse MERCI fir déi Ënnerstëtzung déi mir dëst Joer vun iech all kritt hunn. E grousse MERCI och un all eis Memberen a SympathisantInnen, déi trotz Corona all Dag iergendwéi agéiert hunn fir de Schutz vun eiser Natura-2000-Zone a géint de Bau vum Contournement vu Käerjeng.*

*Eist Liewen an eisen Engagement ginn säit engem Joer vum Rhythmus vun engem Virus bestëmmt, enger Pandemie, déi op en ze schnellen an onkontrolléierte Wuesstem zréckzeféieren ass, deen als Konsequenz den Ofbau vun natierleche Liewensraim fir Mënsch an Déier huet. All Hoffnung elo eleng op en Impfstoff ze setzen an einfach weider ze maachen wéi bis elo, wier kuerzsiichteg. Mir mussen ELO endlech ufänken ëmzedenken an anescht ze handelen!*

*Aus der Vergaangenheet wësse mer, dass eng ganz Partie Héichkulturen grad un de Konsequenzen vum "Raubbau" vun der Natur ënner gaangen sinn. Op mannst dat misst mëttlerweil all Mënsch verstanen hunn, dass déi katastrophal Zersiidlung vun eiser Landschaft, an déi weider Zerstéierung vun eiser Biodiversitéit och en Enn vun eiser Zivilisatioun kann alauden. Dëse Constat maache net mir eleng, ma dat sinn d'Fakten déi weltwäit vun Experten an internationalen a nationalen Observatoire festgehale ginn. Mir kucken no Brasilien, no Australien awer de Bléck fir Heiheem, deen blenden mer aus.*

*Mir sinn als BIGS mat eisen Partner Mouvéco régional-sud, natur&ëmwelt Gemeng Suessem an Youth for climate Lëtzebuerg weider decidéiert eis konsequent fir d'Erhale vun der Natura-2000-Zone anzesëtzen. Et wäert e laangen an deiere Kampf ginn, ma mir wäerten all juristesch Mëttelen notzen fir de Bau vum Contournement vu Käerjeng ze verhënneren.*

*Mat vill Fantasie an Engagement a neien (alen) Formen vun Aktiounen hu mer als BIGS duerchgehalen. Hëlleft eis an ënnerstëtzt eis weider. Gidd Deel vum Widderstand! Gidd Member aktiv oder Member donateur! Erzielt äre Frënn vun der BIGS. Ënnerstëtzt weider eis Aktiounen.*

*Ech wënschen iech all erhuelsam Feierdeeg an e friddlecht a gesond Joer 2021!*

*Bianca Leardini, Präsidentin vun der BIGS*







**Solidaritéit an originell Cadeauen fir d'Feierdeeg - S. 4**

SAVE THE DATE
Generalversammlung 2021
Mëttwochs 3. Mäerz
19:00 Boulodrome Metzerlach

CARTE MEMBRE 10 €

CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

## NOE Pätter No 100



Just virun Kleeserchersdag hu mir eisem 100. Pätter, dem Noé, 2 Joer, e Molbuch mat Déieren aus dem Bësch an e Somkär vun engem Glécks-Kléiblat iwwerreecht. Et mëscht Hoffnung, dass schonn déi ganz jonk ënnert eis sech fir d'Erhalen vum Bësch engagéieren!

## BIGS by RTL




An engem flotte Reportage huet RTL iwwert der BIGS hier Aktioun «Pätter oder Giedel vun engem Bam» an hierem Asatz géint de Contournement am Journal vum 5. Dezember bericht. Am Replay oder op fb nozekucken!

## pitschspics




E flotten Fotoreportage mat villen Plaquetten vun de Giedelen a Pätteren fannt der op eiser fb-Säit sou wéi och e puer Kuerzfilmer. E grousse Merci un de Claude !

# Wat ass virun der Gare am Bësch lass?

Wann der dëser Deeg tëschent Suessem a Käerjeng ënnerwee waart, sinn iech bestëmmt déi blo Markéierungen um Rand vun der Strooss uewen op der Kopp opgefall.


D'BIGS huet sech informéiert: hei bahnt sech eng Trickserei vun der Ponts&Chaussées unn.

D'Strooss soll bis ënnen an d'Kéier ënnert der Eisebunnslinn em e puer Meter ofgesenkt ginn. Firwat? Natierlech fir domat d'Contournements-Bréck ze preparéieren déi virun der Gare riit iwwer déi aktuell Strooss soll goen. Dat ganzt ass e gréissere Chantier deen iwwer 3 Joer dauere wäert an de ganze Verkéier op laang Zäit lahmleeë wert.

Fir dat awer „ekologesch" begrënnen ze kënnen, ass dat ganzt un eng nei Wëldbréck uewen op der Kopp gebonnen a vum Projet Contournement lassgeléist ginn als „Projet Wëldbréck". Den ass ouni weider Ëmweltevaluatioun vum Emweltministère genehmigt ginn, obschonn en 7.245 m2 Bësch, Biotopen, Wunnuerten vu geschützten Déirenaarten futti mécht, d.h. op enger Fläch déi bei wäitem de Besoin vun enger Wëldbréck iwwersteigt, déi eréischt am Mee 2024 soll gebaut ginn, fréitstens zesumme mam Contournement.

Eisen Affekot ass an d'Bild gesaat ginn. De Chantier ka net vum Projet Contournement lassgeléist ginn, vun dem en en Deel ass. D'NATURA2000-Zone an e puer Déierenarten si betraff.

De Projet CR110 muss duerfir zréckgezu ginn!



Ausschnitt aus dem Dossier

Abb. 1-1: Planungsareal (rote Umrandung) zum Bau einer Wildbrücke und Anpassung der CR11O; die orange-markierten Bereiche stellen Flächen dar, deren Biotope, für das Vorhaben zerstört werden müssen. Da es allerdings noch keine konkrete Planung nach Beendigung des Bauvorhabens gibt; hier ist ggf. eine *in situ* Kompensation möglich.

#fir de besch

# De Bam - L’Arbre

De fréieren Direkter vum Enregistrement Paul Bleser, huet eis eng ganz interessant Abhandlung iwwert d’Rechter vum Bam zoukomme gelooss. An senger «Requête pour la Déclaration des Droits de l’Arbre» stellt den Auteur sech philosophesch an juristesch Froen an vertrëtt d’Theese, dass niewent dem Mënsch an dem Déier och de Bam en besonneschen Schutz a besonnesch Rechter sollt attribuéiert kréien. Zitater aus internationalen Texter ënnermaueren d’Richtegkeet an Wichtegkeet vun dëser Theese.

Mat senger «Requête» werft den Paul Bleser och pertinent Aspekter an der aktueller Diskussioun zu der neier Verfassung, déi soll kommen, op. Net zulescht gëtt am Text och drophigewissen wéi enk verknüpft de Mënsch an de Bam an eisem Ekosystem sinn.

Eng wichteg rechtlech Fro gett opgeworf: Kann et eng legal Basis ginn fir och niewent de Mënschen aneren Wiesen (Liewewiesen - entité) eng peronalité juridique zou ze gestoen? De Léierbegrëff an Jurisprudenz gesinn dat ausdrécklech vir!

Dir kennt dat 70 Säiten laangt Dokument bei eis um Site eroflueden *www.bigslu.net*



L‘ARBRE

REQUÊTE POUR UNE DECLARATION DES DROITS DE L’ARBRE

Paul Bleser | Une introduction | Octobre 2020

---










**AKTIOUN PÄTTER oder GIEDEL vun engem Bam**

#firdebesch

#fir de besch

BIGS Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

Nov.-Dez. 2020

2021

| Nr | Numm | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Katia | 26 | Laurent | 51 | Chantal | 76 | Laury | 101 | Pätter Pier | 126 | Marc | 151 | Luca |
| 2 | Edith | 27 | Monique | 52 | André | 77 | Joé | 102 | Jana | 127 | Eric | 152 | Anne |
| 3 | Jacqueline | 28 | Guy | 53 | Louis | 78 | Ben | 103 | Stefan | 128 | Iana | 153 | Joé |
| 4 | Jëng | 29 | Christophe | 54 | Giada | 79 | Jaak | 104 | Jen | 129 | Michel | 154 | Roger |
| 5 | Denise | 30 | Marco | 55 | Gianluca | 80 | Yolande | 105 | Alex | 130 | Nadine | 155 | Ketta |
| 6 | Arthur | 31 | Claude | 56 | Robert | 81 | Jean-Marie | 106 | François | 131 | Denise | 156 | Ender |
| 7 | Gilles | 32 | Morena | 57 | Annette | 82 | Marianne | 107 | Jean-Laurent | 132 | Robert | 157 | Joëlle |
| 8 | Marco | 33 | Lucy | 58 | Sandy | 83 | Paul | 108 | Marc | 133 | Milly | 158 | Mulles |
| 9 | Ben | 34 | Guy | 59 | Nadine | 84 | Corinne | 109 | Sarah | 134 | Guy | | |
| 10 | Max | 35 | Jos | 60 | Tania | 85 | Claude | 110 | Gaby | 135 | Isabelle | | |
| 11 | Lorry | 36 | Fränz | 61 | Marcel | 86 | Fritz | 111 | Romain | 136 | Luc | | |
| 12 | Franky | 37 | Georges | 62 | Marc | 87 | Jos | 112 | Luna | 137 | Patricia a Family | | |
| 13 | Claire | 38 | Gary | 63 | Nita | 88 | Monika | 113 | Narcisse | 138 | YFCL | | |
| 14 | Jan | 39 | Claire | 64 | Marc | 89 | Marco | 114 | Etienne | 139 | NAT.ËMW. GS | | |
| 15 | Lex | 40 | Jeanne | 65 | Delila | 90 | Laura | 115 | Franca | 140 | MOUVECO R-S | | |
| 16 | Paolo | 41 | Nathalie | 66 | Angelina | 91 | Serge | 116 | Romy | 141 | J.-C. & Haku | | |
| 17 | Gaby | 42 | Irina | 67 | Mauro | 92 | Colette | 117 | Misch | 142 | de Ranger Arthur | | |
| 18 | Bruno | 43 | Hanna | 68 | Martine | 93 | Adriano | 118 | Julie | 143 | Claude | | |
| 19 | Inaya | 44 | Thomas | 69 | Serge | 94 | Thessy | 119 | Apolline | 144 | Jeannine | | |
| 20 | Sarah | 45 | Henri | 70 | Petz | 95 | Romain | 120 | Norbert | 145 | Eric | | |
| 21 | Julie | 46 | Antoinette | 71 | Myriam | 96 | Rob | 121 | Michèle | 146 | Nicolas | | |
| 22 | Anne | 47 | Lucienne | 72 | Lynn | 97 | Fred | 122 | Carola | 147 | Angela | | |
| 23 | Bianca | 48 | Hubert | 73 | Mika | 98 | Evelyne | 123 | Jean-Claude | 148 | Michèle | | |
| 24 | Alf | 49 | Josy | 74 | Ella | 99 | Romeo | 124 | Dana | 149 | Sylvie & Lady | | |
| 25 | Daryl | 50 | Marie-Josée | 75 | Soc. Avicole. | 100 | Noe | 125 | Noe | 150 | Pascale | | |



## #firdebesch - Masque

**Wéi kennt en un eng Masque?**

**Dir maacht en DON vun 12 € (Masque + porto) iwwert eisen CCP oder iwwert Digicash an dir schreift eis eng Mail mat der Fuerf déi der gären hätt (wäiss oder schwaarz) an d'Adresse wou mer iech äre Masque sollen hischécken.**

## Pätter oder Giedel vun engem Bam

bigs@pt.lu

**Wéi kann een sech un der Aktioun vun der BIGS bedeelegen?**

**Dir hutt 2 Méiglechkeeten:**

1. **Dir maacht en Don vu mindestens 25 € iwwert eisen CCP a schreiwt de Numm oder d'Nimm déi op d'Plaquette komme sollen derbäi.**
2. **Dir maacht en Digicash vu mindestens 25 € + eng Mail un eis an deelt eis iwwert de Wee de Numm oder d'Nimm déi op d'Plaquette komme sollen mat.**

**Den éischte R-V am neie Joer ass e Samschdeg 9. Januar!**
**R-V an der Entrée vum Zäemerbësch um 14 Auer.**

**Op der Facebook-Säit vun der BIGS fand dir och Fotoen vun de Plaquetten wou se am Bësch hänken!**

## Collecte de fonds

pour financer le **RECOURS**
pour la **préservation** de la
**ZONE NATURA 2000**
**Zäemerbësch/Bobësch**

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**

---




## Dir sicht en originellen Cadeau fir déi kommend Feierdeeg?

Eppes Kuriéises, eppes Originelles, eppes Lëschteges, eppes Bësseges, eppes fir ze kucken, eppes Nohalteges an eppes Exklusives. E Märchen, eng Satir, wou Wierklechkeet an Fantasie, Tragedie an Komedie sech ofwiesselen.

Wou vun Luxusbiergerinnen an Luxusbierger, vu Vasallen an Folterkniecht, vun Alchimisten an Burghären, vun Intrigen an Kouhändel rieds geht. Flott illustréiert mat originellen Holzstech aus dem Mëttelalter, an däitscher Sprooch, an, wéi kéint et aneschters sinn ... zu Suessem spillt!

Ma dann hu mär fläit dat wat dir sicht, fir iech selwer oder fir enger léiwer Persoun ze schenken!

CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000

# SOMMERNACHTS(ALP)TRAUM

EIN MÄRCHEN IN FÜNF KAPITELN

VORWORT

Das folgende Märchen, das sicher kein Ammenmärchen ist, stammt aus einer Zeit, wo Aberglaube und Aufklärung miteinander in Konkurrenz standen. Alchimisten, Glaskugeln und erste wissenschaftliche Erkenntnisse prallten aufeinander. Von Geächteten und Vasallen ist hier die Rede. Von Ministern und Luxusbürgern und Luxusbürgerinnen. Von Füchsen und Folterknechten. Wie jedes Märchen beginnt es mit den Worten « Es war einmal…»

Tauchen Sie ein in eine Welt, wo Wirklichkeit und Fantasie, Tragödie und Komödie manchmal nicht auseinanderzuhalten sind. Die Moral der Geschichte bleibt Ihnen überlassen. Lesen und verstehen Sie, was Sie wollen. Frei von der Leber und aus dem Herzen sind meine Worte. Ich wollte Sie daran teilhaben lassen. Genießen Sie, fühlen Sie mit, ärgern Sie sich oder freuen Sie sich.

Alle Personen und Handlungen dieses Märchens sind frei erfunden, sollten Ähnlichkeiten mit noch lebenden Personen und Handlungen bestehen, so sind diese nicht beabsichtigt oder vielleicht doch! Nichts Genaues weiß man nicht!

Der Sommernachts(alp)traum kann geliked, geshared, gevierteilt, verbrannt oder vergessen werden. Das geschriebene Wort wird bleiben. Irgendwie, irgendwo und irgendwann wird man/frau sich erinnern. Märchen haben eine pädagogische Aufgabe und hoffentlich auch eine nachhaltige Wirkung. Aber wir wollen nicht moralisieren, nur auf Dinge aufmerksam machen. Das Schreiben hat sehr viel Spaß gemacht. Ihnen viel Spaß beim Lesen!

IHRE MINNESÄNGERIN MARIA VON «SASA HEIM JE T'AIME» VOM SCHLOSSE TORNADO





INHALT:


| | |
|---|---|
| VORWORT | S. 7 |
| I. KAPITEL: DE KOUHANDEL | S. 9 – 11 |
| II. KAPITEL: DE PLANG | S. 13 – 15 |
| III. KAPITEL: DE WIDDERSTAND | S. 17 – 19 |
| IV. KAPITEL: INTRIGEN | S. 21 – 23 |
| V. KAPITEL: HAPPY END ? | S. 25 – 27 |
| ANHANG | S. 29 – 31 |
| KLAGELIED | S. 33 |




KOCHEN NACH GEHEIMREZEPT VOM MAGISCHEN «GEESSEBLUTT».





**Booklet (21x21cm)**
**36 Säiten**
**héichwäertegen Pabeier**
**matt, geheft**
**Participation aux frais**
**20 €**